

Wëllkomm op der 7e

Mäi Numm

Meng Klass

Wien ass wou?

Deng Schülerkaart ass och deng Kaart fir de Schoultransport a fir d'Kantin

Links:
www.mycard.lu

Apps am App Store
a bei Google Play:
- CFL mobile
- mobiliteit.lu
- restopolis.lu



LCD Nouveau Bâtiment

Rez-de-chaussée



Premier étage



Deuxième étage





Mäi Stonneplang	Méinden	Dënschden	Mëttwoch	Donneschden	Freiden
08.05 – 08.55					
09.00 – 09.50					
Paus (15')					
10.05 – 10.55					
11.00 – 11.50					
Mëttespaus / ausserschoulesch Aktivitéiten / Bibliothéik					
12.50 – 13.40					
13.45 – 14.35					
14.40 – 15.30	Appui 7e / Hausaufgaben / ausserschoulesch Aktivitéiten				
15.30 – 16.20	Appui 7e / Hausaufgaben / ausserschoulesch Aktivitéiten				

Meng Regenten

Meng Proffen

- Franséisch
- Däitsch
- Mathematik
- Naturwëssenschaften
- Geschicht
- Geographie
- Konscht
- Musek
- Sport
- Digital Sciences
- Vie & Société
- Franséisch+

Deng Uspriechpartner vun der Direktioun

Marcel Kramer
DIRECTEUR

Sandra Goergen
DIRECTRICE ADJOINTE
Neit Gebai (NB)

Annick Halsdorf
PROFESSEURE-ATTACHÉE À LA DIRECTION
Neit Gebai (NB)

Ëmmer do fir dir ze hëllefen

Sekretariat
Danièle Antony a seng
Equipe

Loge
Serge Huet
Conny Cardarelli
Jang Thillen

Bibliothéik
Sam Witry

SeO
Jean-François Kerger
Tom Scheer
Kathrin Kentner

SePAS / SSE / ESEB
Chantal Schroeder
Claudine Zwank
Marie Giefer
Nathalie Mander
Carole Hilbert
Lisa Ferron
Hideo Breden
Simone Schannel
Dany Gonçalves
Christian Braun

Du brauchs Hëllef oder Informatiounen?

Brauchs du Hëllef?

Du fills dech net gutt?
Du méchs dir Suergen?
Du fills dech verluer?

An der Schoul leeft et net gutt?
Du wëlls deng Organisatioun, Motivatioun oder Konzentratioun verbesseren?
Du packs däi Joer net?

Du hues Sträit mat Kolleegen?
Du gëss gemobbt an der Klass oder iwwer Internet?
Du méchs dir Suergen doheem? Du hues Sträit an der Famill? Deng Elteren trennen sech?
Dir braucht eng finanziell Hëllef?

Du hues Libeskummer?
Du hues Froen zur Sexualitéit oder zur Verhütung?

Fir dës oder aner Themen si mir do fir dir ze hëllefen an dech op der Sich no enger Léisung ze begleeden.

D'Gespréicher si vertraulech a gratis.

Komm bei eis!

NB: 1. Stack beim Sekretariat
AB: 1. Stack beim Kicker

Auerzäiten: 7h45 bis 16h00

Schreif eis e Mail fir ee Rendez-vous:

sepas@lcd.lu

Ruff eis un:

NB: 80 80 1-1330
AB: 26 80-7330

Brauchs du Informatiounen?

Du wëlls e Gespréich iwwert deng Beruffsvirstellungen, iwwert deng Orientatioun?

Du brauchs Erklärungen zu der Promotioun?

Du bass net zefridde mat denge Schoulresultater?

Du brauchs Nohëllef an engem bestëmmte Fach?

Du brauchs Informatiounen zu de Sektiounen no der 5G oder no der 4C?

Fir dës oder aner Themen si mir do fir dir ze hëllefen an dech ze informéieren.

SeO NB

Kathrin Kentner
kathrin.kentner@education.lu

Jean-François Kerger
jean-francois.kerger@education.lu

Tom Scheer
tom.scheer@education.lu

Fir deng Elteren:

Begleedung vun den Schüler am Alldag

SEPAS + SSE

Am Service psycho-social et d'accompagnement scolaire (SePAS) an am Service socio-éducatif (SSE) schaffe Psychologen, Assistantes sociales an Educatrices graduées. Si këmmeren sech em dat psycho-soziaalt Wuelbefanne vun de Schüler an intervenéiere bei perséinlechen, familiären, sozialen, edukativen oder schoulesche Problemer. Si sinn awer och Uspriechpartner fir d'Eltere vun de Schüler an all aner Member vun der Schoulgemeinschaft.

D'Ekipp vum SePAS/SSE

- këmmert sech ëm perséinlech Problemer;
- ënnerstëtzt bei Problemer mat Frënn/ Kolleegen, Elteren oder Proffen;
- hëlleft bei familiären oder edukative Problemer;
- bitt hir Hëllef un, bei der Gestioun vun Finanzhëllefen a Logement;
- beréit bei schoulesche Problemer;
- organiséiert a realiséiert verschidde Projeten sou wéi och ausserschoulesch Aktivitéiten.

Zéckt net fir eis ze kontaktéieren:
NB: 80 80 1-1330
AB: 26 80-7330
sepas@lcd.lu

SePAS
Service psycho-social et d'accompagnement scolaires

ESEB

Zu der Ekipp vum Soutien des élèves à besoin éducatifs particulers ou spécifiques (ESEB) gehéieren ee Psycholog, ee Pedagog an eng Educatrice graduée. Si assuréieren den Encadrement an d'Inclusioun vu Schüler mat spezifesche schouleschen, motoreschen, mentalen, oder kierperleche Besoinen, souwéi Schüler mat Verhalensproblemer oder Léierschwieregkeeten.
D'ESEB begleet d'Schüler an d'Elteren an der Diagnostik a bitt Ënnerstëtzung bei der Demande no spezifescher Hëllef an der Schoul. An Zesummenaarbecht mat anere Strukturen (wéi zum Beispill de Centres de compétences) ënnerstëtzt si och d'Membere vun eiser Schoulgemeinschaft bei der Ëmsetzung vun der spezifescher Hëllef an der Schoul.

Mir lueden d'Eltere vu Kanner mat spezifesche Besoinen häerzlech an, am Ufank vum Schouljoer mat eiser pluridiszplinärer Ekipp Kontakt opzehuelen, fir en optimale Schoulstart ze assuréieren.

NB: 80 80 1-1337
AB: 26 80-7330
eseb@lcd.lu

SERVICE SOCIO-ÉDUCATIF

Schülerorientatioun

SeO

D'Aufgabe vum Service d'orientation (SeO) si villfälteg. Si informéieren, beroden a begleede souwuel d'Schüler wéi och hir Elteren op hirem schoulesche Parcours.

De SeO

- ass ëmmer disponibel fir individuell Orientatiounsgespréicher mat Schüler an/ oder mat hiren Elteren;
- organiséiert Informatiounsseancen iwwert d'Orientatioun an de Klassen an op de Elterenowenter;
- berot gäre bei Froen zur schoulescher Orientatioun oder zu Universitéitsstudien an huet och do entspriechend Broschüren zur Hand;
- stellt Lëschte mat Schüler op, déi privat Nohëllefsstonne ginn a verwalt och dës Lëschten.

AB: 26 80-7511
orientation@lcd.lu

Gutt ze wëssen

Schülerkaart

An den éischten Deeg vum Schouljoer kriss du deng myCard. Des Kaart ass perséinlech, an duerf net verléint ginn! Du muss deng myCard ëmmer bäi dir hunn. Du kanns dech domat am Schoultransport ausweisen, däin Iessen am Restaurant Scolaire bestellen a bezuelen an an d'Bibliothéik (Salle de Lecture) goen.
Méi op www.mycard.lu.

Code de vie

En Extrait vum Code de vie, dem Règlement interne, hänkt an denger Klass um roude Briet.
D'Befollegen vun dëse puer Reegelen mécht d'Liewen an der Schoul méi einfach a méi angeneem.



Elterenowend

Am 1. Trimester, invitéiert däi/deng Régent/e deng Elteren op e Gespréich an d'Schoul.
Hei schwätzen d'Professeren mat dengen Elteren, e bëssen esou wéi d'Bilansgespréich an der Grondschoul.

Hausaufgabenhëllef

Vun Oktober un gëtt, am Prinzip, Méindes, Dënschdes, Mëttwochs an Donneschdes, vun 14h40 bis 16h20 eng Hausaufgabenhëllef offréiert. Hei kanns de a Rou deng Hausaufgab schreiwen oder fir eng Prüfung léieren.

IAM

D'Donnéeë vum IAM-Account hues du heemgeschéckt kritt. Du hues se benotzt fir deng Bicher ze kafen, mee du brauchs d'Donnéen vum IAM-Account och, fir am LCD um Computer a mam iPad ze schaffen. Gehei dofir des Informatiounen nët ewech!

TIIMZ

TIIMZ = Teambuilding, Informatiounen, Integratioun, Methoden, Zesummenhalt!
De Projet soll dir hëllefen dech am Lycée erëm ze fannen an dech esou gutt wéi méiglech ze integréieren. De Grupp, deen aus Enseignanten, Sozialpedagogen a Psychologe besteet, proposéiert ënnerschiddlech schoulesch an ausserschoulesch Aktivitéiten am Laf vum ganze Schouljoer.

Wat kann ech am LCD niewent /no der Schoul maachen ?

Chorale, Orchester, Theater, Schoulreesen, Schach, Solidaritéit, europäesch Projeten, an villes méi! D'Sportsektioun leeft ufanks Oktober un. Wanns de interesséiert bass, fro däi/deng Sportsprofesser fir Informatiounen.
Den LCD huet och e flotten „Projet d'Etablissement". Géi op den www.lcd.lu kucken a fro beim Régent oder um Sekretariat no, wanns du dech fir eng Aktivitéit intresséiers.

Complément au bulletin

Niewent denger Zensur erkläert dëst Dokument ob s de aktiv an de Stonnen matschaffs, ob s de oppass an konzentréiert bass, ob s de d'Saachen déis de brauchs, matbréngs an ob s de deng Hausaufgaben méchs. Et gëtt och gekuckt, ob s de d'Reegelen vun der Schoulgemeinschaft respektéiers, ob s de héiflech bass an gutt Manéieren hues, ob s de d'Schoulmaterial respektéiers an ob s de pénktlech bass.

Smartphone

Während der Schoulzäit duerfs du däin Handy just benotzen wann den Enseignant daat ausdrécklech erlaabt. Fotografiéieren, Toun ophuelen a filmen mam Handy ass an der Schoul strikt verbueden. Wann däin Handy dir géif geklaut ginn, ass d'Schoul nët duerfir responsabel.

Handy Hotel

An all Klassesall hängt en Handy Hotel. Hei lees du däin Handy all Moien dran nodeems du de Flugmodus aktivéiert hues an hëls e just eraus fir déi grouss Paus an d'Mëttespaus.

Paus a Mëttesstonn

Vun 9h50 bis 10h05 ass Paus. Da muss du eraus an den Haff goen; du dierfs awer de Schoulterrain net verloossen. Vun 11h50 bis 12h50 ass Mëttesstonn. Do bass de fräi. Du kanns am Hall bleiwen, mee net an de Gäng oder an de Säll. Am Hall ass Surveillance. Wanns de eraus aus der Schoul gees, bass de net méi ënnert der Responsabilitéit vun der Schoul.
Informatiounen iwwer d'Kantin fënns du op restopolis.lu.

Appui

Deng Däitsch-, Franséisch- a Mathésprofesseren halen denger Klass regelméisseg ee Cours d'Appui (Nohëllef).

Case

Ufanks Oktober kanns du eng Case fir deng Saache kréien. Informatiounen dozou gëtt dier däi/deng Régent/e.

Wat soll ech maachen, wann et mer schlecht ass an ech muss heem goen?

Wann s de am Laf vum Dag krank gëss, da muss de op d'Sekretariat goen an dech ofmellen. Deng Elteren ginn dann ugeruff, a mussen dech an d'Schoul siche kommen.

Fir deng Elteren:

Feelstonnen

Äert Kand kann Moies net an d'Schoul kommen?
Ass Äert Kand nach net volljäreg, mellt et wannechgelift um Sekretariat vum Neie Gebai of:
Tel.: 808011210
E-Mail: secretariat.nb@lcd.lu

Ärem Kand gëtt et an der Schoul net gutt?
An deem Fall geet Äert Kand sech an d'Sekretariat ofmellen.

Excuse modèle

Absence

Date : _____, le _____

Madame/Monsieur _____

Par la présente, je vous prie de bien vouloir excuser l'absence de ma fille/mon fils

_____

le _____

du _____ au _____

Motif(s) de l'absence : _____

_____

Veuillez agréer, Madame, Monsieur, mes salutations distinguées.

Signature : _____

Muster Entschuldigungsbrief

Sehr geehrte(r) Frau (Herr), _____

mit folgendem Schreiben bitte ich Sie, meine Tochter / meinen Sohn _____ Schüler in der Klasse _____ für ihre / seine Abwesenheit vom _____ bis zum _____ zu entschuldigen.

Sie / Er konnte nicht am Unterricht teilnehmen, weil / wegen _____.

Vielen Dank für Ihr Verständnis und mit freundlichen Grüßen

_____

_____

(Datum) Name, Vorname und Unterschrift des Erziehungsberechtigten

Model letter justifying absence

Dear

_____

I would like to ask you to excuse the absence of my child _____ of class _____

for his/her absence on the days _____ to _____.

My son/daughter was unable to attend classes on account of (please indicate reason) _____.

Yours sincerely,

_____

_____

(Date) Last name, First name and signature (parent or legal guardian)

E puer wichteg Reegele maache villes méi einfach

1. Ech respektéiere meng Matschüler a wäert si net op Grond vun hiren Originen, hiren Iwwerzeegungen, hirem Ausgesinn oder hirer Religioun mobben, attackéieren, ausgrenzen, oder op iergend eng aner Manéier belästegen.

2. Ech ënnerloossen all Form vun aggressivem Behuele vis-à-vis vu menge Matschüler an dem Personal vum Gebai. Konflikter sollen ouni Gewalt geléist ginn.

3. Ech respektéieren d'Proffen, d'Surveillant'en an d'Personal vum Gebai, a follechen hinnen.

4. Ech droë mäin Deel dozou bäi fir d'Gebai propper ze halen. Zum Beispill iessen an drénken ech net an de Klassesäll an an de Gäng. Et ass also net erlaabt Béchse mat an de Klassesall ze huelen, et duerf ee just Fläschen derbäi hunn, déi ee kann zoudréinen. Déi Fläsche bleiwen dann am Schoulsak.

5. Ech droe mäin Deel dozou bäi fir de Klassesall propper ze halen. Et solle keng Bicher oder Hefter op de Fënsterbänken oder um Buedem leie bleiwen. Wat een net direkt brauch leet een an d'Case, oder hëlt ee mat Heem.

6. Ech maachen näischt express knaschteg oder futti.

7. Ech maache kee Kaméidi am Klassesall oder am Gank.

8. Ech si pénktlech fir d'Cours'en. Dëst bedeit dass ech schonns virun der Schell am Gebai muss sinn.

9. Ech hu fir all Cours di richteg Saachen dobäi, maachen doheem meng Hausaufgaben an ech bereede mech op meng Cours'en fir.

10. Ech verhale mech roueg am Cours, passen op, stéiere meng Matschüler net a probéieren aktiv um Cours deelzehuelen.

11. Ech fëmmen net an der Enceinte vum Gebai.

12. Ech bleiwe während der Schoulzäit an der Enceinte vum Gebai.

13. Ech benotze mäin Handy net während de Schoulstonnen, ausser wann den Enseignant et ausdrécklech erlaabt.

14. Ech fuddelen net während der Prüfung a fälsche keng Noten, Excusen, Ënnerschréften, oder Aschreiwungen am Klassebuch.

15. Tëschent de Stonne bleiwen ech a mengem Sall, ausser ech muss de Sall wiesselen oder op d'Toilette goen. An der grousser Paus verloossen ech de Klassesall, a ginn eraus an den Haff. An der Mëttesstonn bleiwen ech am Hall oder am Haff, ech ginn eréischt erop bei de Klassesall wann et schellt.

(Extrait aus dem «Code de vie».)

Prüfungskalenner

	September 24	Oktober 24	November 24	Dezember 24		Januar 25	Februar 25	Mäerz 25		Abrëll 25	Mëe 25	Juni 25	Juli 25	
1	So	Dë	Fr	So	1	Më	Sa	Sa	1	Dë	Do	So	Dë	1
2	Mé	Më	Sa	Mé	2	Do	So	So	2	Më	Fr	Mé	Më	2
3	Dë	Do	So	Dë	3	Fr	Mé	Mé	3	Do	Sa	Dë	Do	3
4	Më	Fr	Mé	Më	4	Sa	Dë	Dë	4	Fr	So	Më	Fr	4
5	Do	Sa	Dë	Do	5	So	Më	Më	5	Sa	Mé	Do	Sa	5
6	Fr	So	Më	Fr	6	Mé	Do	Do	6	So	Dë	Fr	So	6
7	Sa	Mé	Do	Sa	7	Dë	Fr	Fr	7	Mé	Më	Sa	Mé	7
8	So	Dë	Fr	So	8	Më	Sa	Sa	8	Dë	Do	So	Dë	8
9	Mé	Më	Sa	Mé	9	Do	So	So	9	Më	Fr	Mé	Më	9
10	Dë	Do	So	Dë	10	Fr	Mé	Mé	10	Do	Sa	Dë	Do	10
11	Më	Fr	Mé	Më	11	Sa	Dë	Dë	11	Fr	So	Më	Fr	11
12	Do	Sa	Dë	Do	12	So	Më	Më	12	Sa	Mé	Do	Sa	12
13	Fr	So	Më	Fr	13	Mé	Do	Do	13	So	Dë	Fr	So	13
14	Sa	Mé	Do	Sa	14	Dë	Fr	Fr	14	Mé	Më	Sa	Mé	14
15	So	Dë	Fr	So	15	Më	Sa	Sa	15	Dë	Do	So	Dë	15
16	Mé	Më	Sa	Mé	16	Do	So	So	16	Më	Fr	Mé	Më	16
17	Dë	Do	So	Dë	17	Fr	Mé	Mé	17	Do	Sa	Dë	Do	17
18	Më	Fr	Mé	Më	18	Sa	Dë	Dë	18	Fr	So	Më	Fr	18
19	Do	Sa	Dë	Do	19	So	Më	Më	19	Sa	Mé	Do	Sa	19
20	Fr	So	Më	Fr	20	Mé	Do	Do	20	So	Dë	Fr	So	20
21	Sa	Mé	Do	Sa	21	Dë	Fr	Fr	21	Mé	Më	Sa	Mé	21
22	So	Dë	Fr	So	22	Më	Sa	Sa	22	Dë	Do	So	Dë	22
23	Mé	Më	Sa	Mé	23	Do	So	So	23	Më	Fr	Mé	Më	23
24	Dë	Do	So	Dë	24	Fr	Mé	Mé	24	Do	Sa	Dë	Do	24
25	Më	Fr	Mé	Më	25	Sa	Dë	Dë	25	Fr	So	Më	Fr	25
26	Do	Sa	Dë	Do	26	So	Më	Më	26	Sa	Mé	Do	Sa	26
27	Fr	So	Më	Fr	27	Mé	Do	Do	27	So	Dë	Fr	So	27
28	Sa	Mé	Do	Sa	28	Dë	Fr	Fr	28	Mé	Më	Sa	Mé	28
29	So	Dë	Fr	So	29	Më		Sa	29	Dë	Do	So	Dë	29
30	Mé	Më	Sa	Mé	30	Do		So	30	Më	Fr	Mé	Më	30
31		Do		Dë	31	Fr		Mé	31		Sa		Do	31

Enseignement secondaire classique : 7C, 6C, 5C

Unzuel Fächer mat enger ongenügender Joresmoyenne	ponderéiert Joresmoyenne	Promotioun
	>44	Admis
0		Admis
1	38 … 44 — 2 Ongenügender >19 kënnen kompenséiert ginn	Admis / Ajourné
2		
3	36 … 37 — 1 Ongenügend >19 kann kompenséiert ginn	
>3		Refusé

(*) Et kënnen net gläichzäiteg 2 ongenügender a folgenden Fächer kompenséiert ginn: Mathematik, Däitsch, Franséisch, Englesch, Latäin

Enseignement secondaire général : 7G, 6G

Cours de base / Cours avancés: Däitsch, Franséisch, Mathematik

Joresmoyenn op 7G		Cours op 6G
niveau d'excellence	50 - 60	cours avancé
niveau fort	40 - 49	
	36 - 39	Decisioun vum Conseil de classe
niveau suffisant	30 - 35	cours de base
	26 - 29	
niveau insuffisant	20 - 25	
niveau gravement insuffisant	0 - 19	

Meng Resultater vum Trimester 1

Fach & Koeffizient	Prüfung 1	Prüfung 2	Prüfung 3	Prüfung 4	Prüfung 5	Prüfung 6	Prüfung 7	Prüfung 8	Prüfung 9	Prüfung 10	Prüfung 11	Moyenne T1

Meng Resultater vum Trimester 2

Fach & Koeffizient	Prüfung 1	Prüfung 2	Prüfung 3	Prüfung 4	Prüfung 5	Prüfung 6	Prüfung 7	Prüfung 8	Prüfung 9	Prüfung 10	Prüfung 11	Moyenne T2

Meng Resultater vum Trimester 3

Fach & Koeffizient	Prüfung 1	Prüfung 2	Prüfung 3	Prüfung 4	Prüfung 5	Prüfung 6	Prüfung 7	Prüfung 8	Prüfung 9	Prüfung 10	Prüfung 11	Moyenne T3	Moyenne T1	Moyenne T2	Moyenne

Fit fir den iPad

D'Reegele vun den iPad-Klassen

Ech muss mäin iPad respektéieren an op en oppassen.

Ech däerf meng Astellunge vu mengem iPad net sou veränneren, datt den iPad säin Zweck net méi erfëlle kann.

Ech këmmere mech just ëm mäin iPad. Den iPad vu menge Matschüler paken ech just un, wann ech dat vun der Léierpersoun erlaabt kréien. Dat selwecht gëllt fir de Pencil, d'Tastatur an de Cover.

Mäin iPad ass Moies ëmmer mindestens 90% gelueden. Dat selwecht gëllt fir de Pencil an d'Tastatur.

Am Cours schaffen ech just mat deenen Appen, déi am Cours erlaabt sinn.
Ech probéieren net, d'Classroom App ze manipuléiere fir datt net méi kann iwwerwaacht ginn, wat ech op mengem iPad maachen.

Ech benotzen d'Kamera vum iPad just, wann d'Léierpersoun mir dat ausdrécklech erlaabt.

Ween eng oder méi Reegelen net respektéiert, kann ënner Ëmstänn an d'STOP! LIGA versat ginn.

Du hues e Probleem?

... mam Luede vun enger App?
... däin iPad oder en Accessoire geet net?
... de Beamer, d'Apple TV an dengem Klassesall geet net?

Schreif e Mail op one2one@lcd.lu



www.lcd.lu



Du fënns eis op +

Eng lescht Säit fir alles wat nach wichteg ass :

Wei war mäin éischten Dag?

Lycée classique de Diekirch

Ancien Bâtiment
32, avenue de la Gare
L- 9233 Diekirch
Tél. 26 807 210
secretariat.ab@lcd.lu

Nouveau Bâtiment
rue Joseph Merten
L- 9257 Diekirch
Tél. 80 80 11 210
secretariat.nb@lcd.lu

Lycée classique de Diekirch

© LCD 2024
Illustrations : Jason Goldschmit / Option Graphisme Jacky Reis
Textes: groupe TIIMZ